N°3118
Entrée le 27.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°3118 vum 28. Oktober 2025 vum éierewäerten Députéierten Här Marc Goergen iwwert "Études portant sur le glyphosate"**

1. **Ginn eis Gewässer op Kieselalgen (Diatomeen) gepréift a wéi eng Zesummenhäng ginn et hei am Land mat de Glyphosatwäerter?**

Jo, d'Waasserverwaltung héllt Diatomeeëprouwen an onse Gewässer am Kader vum Monitoring vun der Waasserrahmenrichtlinn a vun der Nitratrichtlinn. D'Diatomeeë sinn ee vun de 4 biologesche Qualitéitsparameter déi d'Basis bilde fir den ökologeschen Zoustand ze bestëmmen.

D'Diatomeeë weise keng spezifesch Reaktiounen op eenzel Pestiziden un, awer si reagéieren op den Impakt vu Pestiziden, Herbiziden an Insektiziden als Cocktail am Waasser. Dofir ginn et keng direkt Zesummenhäng tëschent den Diatomeeënresultater an de Glyphosatwäerter.

2. **Wéi variéieren d'Wäerter vun den Kieselalgen iwwert d'Joer (Rapport Summer/Wanter) souwéi op pro Mount? Wéi sinn den Duerchschnëttswäert, de Median an d'Standardofweichung?**

Am Kader vun der Wasserrahmenrichtlinn gi fir all d'Uewerflächegewässer 2 Diatomeeëprouwen pro Bewirtschaftungszyklus geholl. E Bewirtschaftungszyklus geet iwwert 6 Joer, sou datt fir eng 6-Joerperiod jeeweils 2 Resultater virleien. Dës Resultater ginn all 6 Joer am Waasserbewirtschaftungsplang publizéiert, mee sinn awer och op Ufro bei der Waasserverwaltung (Demande de données - Administration de la gestion de l'eau - Le gouvernement luxembourgeois) an um Geoportail disponibel (http://g-o.lu/3/ziGg).

Am Kader vun der Nitratdirektiv gëtt all Joer eng Prouf pro Miessstatioun geholl. D'Resultater sinn am Nitratrapport ze fannen, deen all 4 Joer aktualiséiert gëtt (https://eau.gouvernement.lu/dam-assets/actualites/2024/rap-no3-2020-2023-lu.pdf).

D'Resultater ginn als IPS (indice de polluosensibilité) ausgedréckt, engem Index dee bei staark belaaschte Gewässer a Richtung vum Wäert "0" tendéiert, a bei ganz gudde Gewässer a Richtung vum Wäert „20".

Opgrond vun der uewe genannter Beproufungsfrequenz, ass eng Analyse vun der Variatioun iwwert d'Joer souwéi pro Mount net machbar, an et léisst sech och keng Berechnung vum Duerchschnëttswäert, dem Median an der Standardofweichung maachen.

Lëtzebuerg, den 27. November 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit